N°4132
Entrée le 22.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„Laut engem rezenten Artikel am *Lëtzebuerger Bauer (Editioun vum 15. Mee 2026)* si bei enger Recherche vu verschiddenen internationale Medien Informatiounen opgedeckt ginn, wat eenzel EU-Agrarsubventiounen ugeet. Sou sollen tëschent 2019 an 2024 iwwer 71 Milliounen Euro u Betriber ausbezuelt gi sinn, déi enger Herrscherfamill aus de Vereenegten Arabeschen Emirater gehéieren. Déi concernéiert Betriber bewirtschaften a Rumänien, Spuenien an Italien insgesamt iwwer 65.000 Hektar Land, weltwäit souguer ronn 960.000 Hektar.

Natierlech ass all Betrib, deen an der Europäescher Unioun landwirtschaftlech Aktivitéite bedreift, eligibel fir Subventiounen aus dem EU Agrarbudget. Virop sollen déi Hëllefen awer an éischter Linn de Baueren déi néideg Sécherheete ginn a si parallel och bei Investitiounen ënnerstëtzen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau follgend Froe stellen:

- Wei gesäit d'Madamm Ministesch d'Propose vun der EU Kommissioun fir d'Flächeprimme pro Bauer pro Joer op 100.000 Euro ze limitéieren?
- Den aktuelle Kontext ass schwiereg an d'Landwirtschaft steet viru groussen Erausfuerderungen. Ass d'Madamm Ministesch

- der Meenung, datt d’EU Agrarsubventioune virop sollte kléng Betriber ënnerstëtzen?
- Wäert d’EU a Punkto Liewensmëttelsécherheet- an Onofhängegkeet fir d’Zukunft sécherstellen, méi landwirtschaftlech Fläch fir den europäesche Marché a säin Eegebedarf ze notzen? “

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten